LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7375 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

Den Enfermement vu jonke Mënschen huet den Effet, datt Spannungen entstinn. Dës entlueden sech, dacks onerwaart, an dobäi kënnt och Material zu Schued. Dëst ass och reegelméisseg an der Unité de Sécurité (Unisec) de Fall. Wann dëst geschitt, ginn déi Schied duerch de Service technique vum Centre socio-éducatif de l'État (CSEE) an an Zesummenaarbecht mat Handwierksbetriber sou séier wéi méiglech behuewen.

An alle Fäll gëtt probéiert, de Moment selwer op d'mannst eng provisoresch Solutioun ze fannen, wann dat néidegt Material net den Ament selwer verfügbar ass.

**Ad 2)**

Sou wéi Spannungen sech entlueden, andeems Material zu Schued kënnt, kann et och zu Spannungen tëschent Jonke kommen, dëst entweeder opgrond vum Zesummeliewen an der Unisec oder opgrond vun de Relatiounen, déi déi Jonk ënnerhalen hu virun hirem Sejour an der Unitéit.

Déi lescht kierperlech Ausernanersetzungen tëschent Jonken an der Unitéit goufen et am Mount November an am Mount August 2022.

**Ad 3)**

D'Afféierung vun engem getrennte Jugendschutz- a Jugendstrofrecht zu Lëtzebuerg an den doraus resultéiernden Transfert vun der Unisec an dem Site Dräibuer an d'Kompetenz vun der Prisongsverwaltung wäert ee klore rechtlechen a pädagogesche Kader schafen, an deem sech d'Erausfuerderunge vun der Gestion vun der Unisec besser meeschtere loossen. Eng kloer Trennung tëscht Schutz a Strof wäert dozou féieren, datt der momentaner extremer Vilfalt vu Profiller vu Jonken an der Unisec entgéintgewierkt ka ginn.

Vu datt d'Unisec momentan souwuel schutzbedürfteg wéi schwéier delinquent Jonker, zesumme mat Jugendlecher déi psychesch Problemer opweisen a Mineurs non accompagnés betreit, ass et schwéier eng Prise en charge ze garantéieren, déi fir all Jonken ideal ass. Wann an Zukunft de Profil vun deene Jonken an der Unisec méi uniforme ass, kann och eng méi adaptéiert Prise en charge stattfannen.

Och déi verbessert prozedural Garantien, wéi eng Privation de liberté mat engem kloren Enddatum an eng kloer gereegelt Untersuchtungshaft wäerten zu enger méi harmonescher Situatioun an der Unisec bäidroen. Duerch déi kloer Messagen zu Schutz a Strof an och zu der Dauer vun engem Enfermement, wäert deen neie gesetzleche Kader bei de Jonken d'Gefill vun ongerechter Behandlung a Willkür vermeiden an ee wichtegen Usporn fir eng Rehabilitatioun liwweren.

**Ad 4)**

Schonns elo ass duerch een Accord de coopération mam Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique (CHNP) déi permanent psychiatresch Betreiung vun de Jonken an der Unisec garantéiert. Bei Bedarf gi si vun engem Pedopsychiater ambulant betreit, kënne wann et néideg ass awer och stationär an der Psychiatrie betreit ginn.

Fir d'Joer 2023 huet d'Regierung fir déi medezinesch Betreiung vun de Pensionnairë vum CSEE 138.000 Euro virgesinn. Dëse Montant deckt d'Ausgaben zousätzlech zu deene vun der Gesondheetskeess an de Posten (Psychologen, Psychotherapeuten an eng Infirmière psychiatrique), déi dem CSEE schonn zur Verfügung stinn.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH